



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Direction de la Défense

**Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6685 vum 19. August 2022 vun den honorabelen Deputéierten Diane Aehm a Jean-Marie Halsdorf**

Dat binationaalt Batailloun ass en Objektiv, dat Lëtzebuerg an d'Belsch vun der NATO operluecht kritt hunn an dat genau an d'Kärgeschäft vun der Arméi passt. Dëst Objektiv bréngt mat sech, dass d'Ausrichtung vun der Arméi vu *Combat Reconnaissance light* op *Combat Reconnaissance medium* wiesselt. Dësen neie Batailloun wäert och méi schwéier Waffen an domat aner Munitioun kréien. D'Opbaue vun engem Munitiounstock, wou et och Virgabe vun der NATO ginn, wäert e grouse Käschtefacteur duerstellen.

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6527 erkläert, wäert de Batailloun aus 4 operationelle Kompanië bestoen, 2 belschen an 2 lëtzebuergeschen. Aktuell ass geplangt dass just eng lëtzebuergesch Kompanie an der Belsch stationéiert wäert ginn. Déi aner wäert zu Dikrech bleiwen. D'lëtzebuergesch Kompanië vum Batailloun si feste Bestanddeel vun der Lëtzebuurger Arméi. D'Kompanie um Härebiërg wäert och fir national Missiounen zur Verfügung stoen. Et ass also och esou dass bal alles wat d'Arméi elo, an och an Zukunft, mécht an enger gewësser Form och dem binationale Batailloun zegutt komme wäert. Deemno ass et an der Praxis net méiglech, d'Depensé vun dem Batailloun ze isoléieren. Bis elo goufen och nach keng direkt Depensé getätegt.

Momentan ass een extra opgestallte binationale Aarbechtsgrupp domat beschäftegt, fir op Basis vun der Methodologie DOTMLPFI-B (*Doctrine, Organisation, Training and Education, Material, Leadership, Personnel, Facilities, Interoperability - Budget*) d'Modalitéite vun deem neie Batailloun auszeschaffen. An allen Domäne ginn et Pisten an Iddien, mee et ass awer nach näischt decidéiert. D'Zil ass, fir virum Summer 2023 d'Eckdaten ze hunn. Dës Etüd wäert ech dee Moment selbstverständlech an der zoustänneger Chamberskommissioun virstellen.

Lëtzebuerg, den 6. September 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister